N°1468
Entrée le 06.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.11.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

Eng rezent Etüd vun der amerikanescher Firma Resume Builder weist datt 39% vun den befrooten Entreprisen am Laf vum leschte Joer sougenannte "Ghost Jobs" publizéiert hunn. Dëst sinn Stellenausschreiwungen, déi entweeder fiktiv sinn oder wou d'Plaz scho besat ass. D'Grënn fir esou Praktike ginn vun der Verbesserung vum Firmenimage bis hin zu der Sammlung vu CVen fir spéider Rekrutéierungen.

Zu Lëtzebuerg muss all fräi Aarbechtsplaz bei der ADEM gemellt ginn. Wärend Jobs.lu a privat Plattformen hir eege Kontrollmechanismen agefouert hunn, stellt sech d'Fro, wéi d'ADEM mat dësem Phenomen ëmgeet, besonnesch well si ronn 7.500 Stellenausschreiwungen an hirem System hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass de Minister sech dëser Problematik bewosst a ginn et Zuelen iwwer d'Ausmooss vun dëser Praktik zu Lëtzebuerg?

2. Wéi eng legal Moyenen huet den Aarbechtsministère fir géint d'Publikatioun vu "Ghost Jobs" virzegoen?

3. Wéi eng Kontrollmechanismen huet d'ADEM fir ze iwwerpréiwen ob gemellte Plazen tatsächlech existéieren?

4. Wat sinn d'Konsequenze fir Entreprisen, déi bei der ADEM bewosst Plaze mellen, déi net existéieren oder scho besat sinn?

5. Gedenkt de Minister zousätzlech Mesuren anzeféieren, fir dës Praktik ze verhënneren an d'Transparenz um Aarbechtsmaart ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten